N°5915
Reçue le 10.03.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 10.03.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/03/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

A menger parlamentarescher Fro Nr°5750 vum 11te Februar 2022 hunn ech mech iwwert de Gebrauch vun Vëloe bei der Police informéiert.
An der Äntwert vum Minister krut ech matgedeelt, dass d'Police schonn zanter 20 Joer Vëloen hätt. Den Ament wieren et ongeféier 50 Stéck, ewéi 70 "équipements cyclistes", déi iwwert déi 4 Policeregiounen verdeelt sinn. De Vëlo géing laut Ministère virun allem am "urbane Beräich" zum Asaz kommen, mee ob Grond vum generelle Personalmanktem wier dëst just sporadesch de Fall.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. An der Äntwert schreift de Minister, dass de Vëlo virun allem am "urbane Beräich" zum Asaz kommen. Wat sinn weider Fäll, an deenen d'Police ob de Vëlo zeréckgräift?

2. Wéi ville Policebüroen an de véier Policeregioune sti Vëloen zur Verfügung? Wou kommen déi och reegelméisseg an den Asaz?

3. Wéi vill vun de 50 Vëloe :
   - sinn E-Bikes?
   - si Pedelecs?
   - sinn "normal" Vëloen ouni zousätzlech elektronesch Hëllef?

4. Wéi al sinn déi 50 Vëloen? (Median, Moyenne, Maximum & Minimum)

5. Sinn déi 50 Vëloen all an engem gudden Zoustand? Wei oft gëtt den Zoustand vun de Vëloe kontrolléiert?

6. Wat ass konkret ënnert "70 équipements cyclistes" ze verstoen. Wat fir Material fält genau dorënner?

7. Wéi vill Demande fir een neie Vëlo ze kréien, oder een ersat ze kréien, goufen zënter 2018 vu Polizisten un d'Policedirektioun gestallt? Wéi vill dovunner goufen

accordéiert?

8. Wéi vill Asätz vun Vëlospoliziste goufen an de leschten 4 Joren an de 4 Policeregiounen enregistréiert? (opgelëscht no Joer a Policeregioun)

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député